PacteClimat

Ma commune s'engage pour le climat

Op Wonsch vun der Regierung soll e Klimapakt tëschent de Gemengen an dem Staat ënnerschriwwe ginn.

Zil dovunner ass

- CO_2-Emmissiounen ze reduzéieren
- Energie se spueren
- Sensibiliséierung fir Energie se spueren

Gemengen sollen eng **Virbildroll** spillen fir den **European Energy Award – eea** -ze kréien .

Wéi soll dat gemaach ginn?

D'Wormer Gemeng kritt fir **25 Deeg am Joer e Klimaberoder** zur Verfügung gestallt.

Et gëtt eng **Klimaéquipe** op d'Been gesat mat:

- Klimaberoder Guy Schmit
- Martine Schmit, Schäffin
- Marc Kring Conseiller a President vun der Ëmweltkommissioun
- Guy Greiveldinger, Responsabel fir Gemengegebaier
- Joël Meyers, Gemengentechniker
- Jean Sadler, Gemengebeamten

Wat maachen déi?

Si schaffen do no 79 verschiddene Kriterien Projeten aus

- **Entwécklungsplanung** (Energieverbrauch vun de Gebaier z.B., Emissiounsverminderung....)
- **Energie- a Waassermanagement** (Beliichtung vun de Stroossen, Versuergung an Entsuergung vum Waasser z.B....)
- **Mobilitéit** (Verkéiersberouegung, Parkmanagement, ëffentleche Verkéier.....)
- **Intern Organisatioun** vun de Gemenge fir déi Ziler ze erreechen
- **Kommunikatioun** mat de Bierger an de Betriber

Wéi geet déi Équipe fir?

A) et gëtt en **état des lieux** gemat
B) e **Programme de travail** gëtt opgestallt an dem Gemengerot proposéiert
C) de Gemengerot décidéiert wat da gemaach gëtt
D) e jäerlechen Suivi vun den Aarbechte gëtt vun der Équipe gemaach
E) Aarbecht gëtt vun engem **externen Audit validéiert**

Finanziell Hëllefen fir d'Gemeng vum Staat.

D'Gemeng kritt all Joer **10.000 Euro** fir **frais de fonctionnement**

25 Deeg am Joer steet e **Klimaberoder** zur Verfügung

No der **1. Certificatioun** (fréistens no 1 Joer) vum externen Audit kritt d'Gemeng eng **variabel Subventioun (BONUS)** déi gekoppelt ass un der **Awunnerzuel** an u wat **effektiv gemaach ginn ass.** (wéi een Niveau vu Kriterien erfëllt goufen)

2 Joer no der Certificatioun gëtt gekuckt wéi eng Ziler nach erreecht gi sinn, an d'BONUS-**Subventioun gëtt u mesures quantifiables (Emissiounswäerter)** gekoppelt a bleift beim Stand vun der 1 Certificatioun oder gëtt erofgeschrauft wann d'Ziler net erreecht gi sinn.

Myenergy stellt der Gemeng zur Verfügung:

- **Klimaberoder**
- **Instrumenter** mat deenen d'Équipe schaffe soll (79 Kriterien)
- E **Programm fir Energiekomptabilitéit** ze maachen
- Helpdesk

D'Gemeng kann mat dem Klimapakt:

- Hir Klima- an Energiepolitik strukturéieren
- Hir Efforten évaluéiere loossen
- Hir Energiekäschte reduzéieren